

Iwwer honnert Kulturschafend weise Solidaritéit an Ënnerstëtzung:

Opruff fir d'Kanner aus de griichesche Flüchtlingslager sou schnell wéi méiglech opzehuelen

Nodeems iwwert honnert honnert Kulturschafend onsen oppene Bréif (hei ënndrënner) ënnerschriwwen hunn, wollte mit mol fir d'éischt jidderengem vun hinnen nach eng Kéier villmools Merci. D'Reaktiounen an d'Ënnerstëtzung waren immensan een Zeechen vu grousser Solidaritéit an Ënnerstëtzungsbereetschaft. Dofir ee ganz grouse Merci! Gëschter am fréie Nomëtteg huet den zoustännege Minister Jean Asselborn eng Pressekonferenz gi, bei der hien op eng Fro vun der Press, déi den Inhalt vun onsem Uleies rëmginn huet, Folgendes geäntwert huet: Hien huet gesot, datt d'Initiativ fir d'Kanner aus de griichesche Lager erauszehuelen, kuerzfristeg gescheitert ass, well déi griichesche Regierung blockéiert an och UNHCR an OMI gesot hunn, si wäeren de Moment net kapabel, déi Kanner auszewielen an do erauszehuelen ...

A grad dat mécht eis Suerge: d'Zäit, déi fortleeft, ier et zu enger sanitärer a nach méi grousser a mënschlecher Katastroph kënn. Positiv ass awer, datt et och an anere Länner Initiativen gëtt, déi sech op ville Niveauen dofir asetzen – souwuel duerch politesch Initiativen, wéi och op der Plaz, duerch sammeln vun Suen an och Fligere prett hunn – fir déi Kanner sou schnell wéi méiglech rauskommen. Doriwwer raus drängen MSF ("Médecins sans Frontières") an aner humanistesche Initiativen, déi och op der Plaz aktiv sinn, drop, d'Lageren kuerzfristeg opzeléisen an déi 40.000 Mënschen déi op den Inseln festsetzen, op d'europäescht Festland zu huelen, ebe fir déi soss onvermeidbar sanitärer Katastroph ze verhënneren.

Ons Uleies, déi Kanner kuerzfristeg och op Lëtzebuerg ze loossen, bleift méi aktuell wéi jee a mir setzen ons weiderhin dofir an! Et geet elo awer net duer dofir just un d'Lëtzebuurger Regierung an de Jean Asselborn z'appelléieren; hei sinn och nach aner Instanze gefuerdert, wéi d'EU-Parlament an d'EU-Kommissioun, d'UNHCR, d'OMI, ... Dofir ware mir ons no der Pressekonferenz vu gëschter Mëtteg eens, dat mir den Oppene Bréif – sou wéi en elo virläit – net méi an der Form verëffentlechen kennen. Mir musse zousätzlech kloerstellen datt ons Opfuerderung net nëmmen d'Lëtzebuurger Regierung betrëfft. Ouni de Bréif elo nach eng Kéier nei ze formuléieren an nei Ënnerschrëften ze sammeln, wollte mir dat sou heimatt kommunizéieren. Weiderhi sinn all Initiativen, souwuel op politeschem supranationalem Niveau, wéi och an der konkreter Hëllef um Terrain, wichteg, fir ze hëllefen. Dobäi bleift eis Stemm an eis Haltung als Kulturschafend grad elo an dësen Zäiten ee wichtegen Beitrag. Merci nach eng Kéier fir är Solidaritéit an Ënnerstëtzung.

Katharina Bintz a Nora König

Oppene Bréif un d'Lëtzebuurger Regierung:

D'Vespriechen, Kanner aus de griichesche Flüchtlingslager opzehuelen, direkt ëmsetzen!

Wäit iwwert 20.000 Flüchtlinge sëtzen op Lesbos an engem Lager, wou nëmme Plaz fir 3.000 Leit ass, ënner katastrophale Konditioune fest. Zesumme mat deenen op Chios a Samos sinn dat de Moment méi ewéi 42.000 Mënschen déi, zum Deel schonns iwwert ee Joer, op dëse griicheschen Insele festsëtzen. Vill vun hinnen si Mënschen a Liewensgefor.

Dobäi kënnt dass d'griichesch Regierung och nach d'Grenz zougemaach an d'Asylrecht ausgesat an domat elementar Mënscherechter ausser Kraaft gesat huet.

7 EU-Staaten hate sech bereet erkläert zesummen 1.600 Kanner, vrun allem onbegleete Meedercher ënner 14 Joer, aus deene Lager bei sech opzehuelen – vill ze wéineg, mee all Liewen zielt! Dobäi hat Lëtzebuerg zougesot 10 Kanner opzehuelen.

An dat soll elo wéinst dem Coronavirus a Fro gestallt ginn. En Donneschdeg huet de Lëtzebuurger Ausseminister Jean Asselborn ugekënnegt, dass et net méiglech ass déi Kanner elo, an dëser „schwéierer Zäit“ opzehuelen. Mee grad d'Argument, dass et wéinst „der Sécherheet, der Gesondheet an der Betreierung net méiglech wier anstänneg Bedingungen ze garantéieren“, misst dach en direkt Handelen erfuerderen. Grad elo, wou d'Gefor all Dag méi grouss gëtt, dass sech de Virus och an de Lager ausbreit, ass et wichteg, déi Kanner elo direkt, wéi versprach, opzehuelen! Grad elo duerfe mer keng Zäit méi verléieren, soss ass et ze spéit!

Den 9. Mäerz gouf deen éischte Infektiounsfall mam Coronavirus op der griichescher Insel bestätegt. Déi infizéiert Persoun hat kee Kontakt zu Mënschen an de Lager. De George Makris, deen den Asaz vun den Dokteren ouni Grenzen („Médecins sans Frontières“ – MSF) koordinéiert, warnt awer, dass wann de Virus bis ausgebrach wier, en net méi an de Lagere kontrolléiert ka gi, well déi elementaarsten hygienesch Konditiounen do net kënnen ëmgesat ginn: eng Toilette fir 167 Mënschen, eng Dusch fir 242, an et gi kaum Méiglechkeeten d'Hänn ze wäschen. Den Dokter Makris seet d'Lager misst elo evakuéiert ginn, eppes wat all Mënsch, dee sech fir elementar Mënscherechter asetzt, ënnerstëtze misst.

Och wann dëst just e kleng Liichtbléck fir méi Mënschlechkeet an der momentaner EU-Politik ass, an domat deenen anere Mëschen an de Lager nach net gehollef an eng gréisser humanitär Katastroph domat laang net verhënnert ass, muss d'Vesprieche wéinstens déi 10 Kanner bei ons opzehuelen, onbedéngt agehalen an direkt ëmgesat ginn. Et wier en Ufank ...

Eis Gesellschaft kann net just vu Solidaritéit innerhalb vun nationale Grenze schwätzen. Dës Solidaritéit muss iwwert Grenzen eraus goen. Soss verléiert all Appell un d'Solidaritéit an dësen Deeg u Glafwierdegkeet an ass zynesch. Wa mer de Gedanke vun Europa, Solidaritéit a Mënscherechter eescht huelen, sollt Lëtzebuerg grad elo säi Versprieche aléisen. Dozou fuerdere mer ons Regierung ausdrécklech op.

Pascale Noé Adam
Ni Chaoimh Aifric
Eugénie Anselin
Elisa Baiocchi
Daniel Balthasar
Jean Beurlet
Katharina Bintz
Nina Bodry
Linda Bonvini
Nickel Bösenberg
Kristof van Boven
Jérôme Burelbach
Eileen Byrne
Luc Caregari
Gianfranco Celestino
Michèle Clees
Frédérique Colling
Vanessa Cum
Ian De Toffoli

Anja Di Bartolomeo
Tom Dockal
Lis Dostert
Adolf El Assal
Tullio Forgiarini
Katy Fox
Olivier Garofalo
Max Gindorff
Alain Ginter
Samuel Hamen
Guy Helminger
Jeff Herr
Anne-Mareike Hess
Baptiste Hilbert
Paul Hoffmann
Fabienne Elaine Hollwege
Jérôme Jaminet
Cécile Jeitz
André Jung
Marie Jung
Sophie Jung
Camille Kerger
Julie Kieffer
Véronique Kinnen
Lisa Kohl
Jérôme Konen
Nora König
Anna Krieps
Sarah Lamesch
Boris Loder
Hana Sofia Lopes
Marco Lorenzini
Govinda van Maele
Jean-Paul Maes
Rosalie Maes
Filip Markiewicz
Nilton Martin
Nicole Max
Charles Meder
Sally Merres
Brice Montagne
Romain Nosbaum
Claire Parsons
Gintaré Parulyté
Claudia Passeri
Renelde Pierlot
Jean Portante
Jean-Paul Raths
Elsa Rauchs
Tammy Reichling
Paul Robert
Konstantin Rommelfangen

Sabine Rossbach
Marion Rothhaar
Donato Rotunno
Leila Schaus
Luc Schiltz
Annette Schlechter
Lambert Schlechter
Nora Schleich
Neckel Scholtus
Jemp Schuster
Anne Simon
Pitt Simon
Luc Spada
Elena Spautz
Robert Gollo Steffen
Philippe Stroesser
Dan Tanson
Jeff Thoss
Serge Tonnar
Tun Tonnar
Milla Trausch
Michèle Turpel
Jeanine Unsen
Clio Van Aerde
Anouk Wagener
Claire Wagener
Nora Wagner
Timo Wagner
Jeanne Werner
Lex Weyer
Jean-François Wolff
Peggy Würth
Frédéric Zeimet